# Programm vum Dag

**10:00 - 11:00 Auer:** **eluxemburgensia.lu stellt sech vir**
Presentatioun

Bei dëser Aféierungsronn gitt Dir alles gewuer, wat een iwwert der BnL hir digitaliséiert Kollektioune wësse muss: wéi eng Dokumenter sinn online accessibel? Wat ass alles an der Maach a wéi gëtt aus engem historeschen Dokument eng gratis online Ressource?

**11:00 - 12:00 Auer:** **Technike fir meng Recherche auszebauen**
Atelier

An dësem interaktiven Atelier kritt Dir gewise wéi een den eluxemburgensia.lu am beschten notzt a wéi Dir schnell an effizient Äert gesichten Dokument fannt. Den Atelier eegent sech esou wuel fir Ufänger ewéi och fir avancéiert Utilisateuren, déi sech nach weiderbilde wëllen.

**13:00 - 14:00 Auer:** **E Bléck op d'Uwendung vun digitaliséierten Dokumenter**
Temoignagen

Unhand vun 3 Temoignagë vun Experten a Persounen, déi den eluxemburgensia.lu an hirem Beruff extensiv notzen, entdeckt Dir wéi de Portal Iech am Alldag weiderhëllefe kann.

**14:00 - 15:00 Auer:** **Kënschtlech Intelligenz (KI) am Déngscht vun der Digitalisatioun**
Presentatioun

An dëser Seance kritt dir vun eisem KI-Expert erkläert, wéi d'BnL d'KI-Technologien am Kader vun der Digitalisatioun benotzt a wéi och Dir dovu profitéiere kënnt.

**15:00 - 16:00 Auer:** **Wat soll eluxemburgensia.lu mir an Zukunft bidden?**
Atelier

An dësem Ofschlossatelier hutt Dir d'Méiglechkeet Är Iddien, Andréck a Wënsch fir d'Verbesserung an d'Ergänzung vum eluxemburgensia.lu mat eisen Experten ze deelen.